N° 4202
Reçue le 03.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.05.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 03. Mee 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech folgend parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am Joer 2019 huet den Educatiounsministère Verhandlunge mat de Proffen-Gewerkschafte gehat an an dem Kontext gouf eng Propositioun ausgeschafft, déi de Candidats sursitaires 3 Méiglechkeete bitt fir den Zougang zum Statut vum Professer ze kréien.

Eng Méiglechkeet ass d' Remise vun engem sougenannten « travail de candidature », di zweet ass d' Remise vun engem « travail dans l'intérêt pédagogique du SCRIPT » an di drëtt Méiglechkeet besteet doranner fir eng Unzuel vun den *Zäit-Spuer-Kont* Stonnen (CET-Stonnen) ze benotzen.

Eisen Informatiounen, sinn eng ganz Rei vu Leit di säit September 2020 eng fäerdeg Demande, par voie hiérarchique, dem Minister zoukomme gelooss hunn, bis haut nach op eng Äntwert waarden. Dëst obwuel si di gefroten 270 Stonnen ugesammelt hunn.

Virun dësem Hannergrond wëll ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Wéi vill Kandidate si bis haut regulariséiert ginn?
- Wie vill iwwert de Wee vun der Usammlung vu CET-Stonnen?
- Wéi vill iwwert de Wee vum *travail de candidature* respektiv dem *travail dans l'intérêt pédagogique du SCRIPT ?*
- Wéivill Enseignant' en warden nach op eng Regularisatioun, obwuel sie all d' Konditiounen erfëllen?
- Wat sinn d`Grënn firwat dëst esou laang dauert?

Mat déifstem Respekt,

Martine Hansen

Deputéiert

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4202 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen

51 Kandidaten hunn eng Demande agereecht fir d'Dispens op Grond vun der Usammlung vun CET-Stonnen ze kréien. Et handelt sech dobäi ëm all déi Demandë vun deene Kandidaten, déi bis den 1. Mee genannt kënne ginn.

Am Joer 2020 koumen **39 Kandidaten** iwwert den Travail de candidature an d'Carrière vum Professer, dëst Joer sinn et bis ewell **7 Kandidaten.**

6 Kandidate kruten eng Dispens iwwert de Wee vum Travail dans l'intérêt de l'Éducation nationale. Dës Aarbechte gi vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) kontrolléiert. **42 Kandidaten**, déi esou eng Demande agereecht hunn, hunn hir Aarbecht awer nach net ofginn, sou datt hiren Dossier nach en attente ass.

Et goufen am Ufank länger Delaien, well d'Prozedur huet misse festgeluecht gi fir dës nei Méiglechkeete fir den Zougang zum Statut vum Professer; sou huet notamment e Formulaire missen ausgeschafft ginn an Lëschten hu missen op Grond vun den Demanden erstallt ginn.